



Groupe parlementaire

Dépôt: Jeff Engelen

Tratten, de 17. Mee 2023

## MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- am Artikel 117. vum Walgesetz (LIVRE II.- DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS ET DES ÉLECTIONS LÉGISLATIVES -TITRE Ier - DISPOSITIONS ORGANIQUES) festgeluecht ass,
  - datt de Walbezierk Süden 23 Deputéierte wíelt,
  - datt de Walbezierk Zentrum 21 Deputéierte wíelt,
  - datt de Walbezierk Oste 7 Deputéierte wíelt,
  - datt de Walbezierk Norden 9 Deputéierte wíelt,

ass sech bewosst, datt

- bis dato ëmmer nach eng fundamental Ongerechtegkeet besteet am Híbléck op déi zwee Walbezierker Norden an Osten, déi, proportional zur walberechtegter Bevëlkerung, méi Deputéierte misste stellen,
- deemno all Stëmm, déi e Bierger am Walbezierk Zentrum oder Süden ofgëtt, proportional méi politescht Gewíicht huet, ewéi eng Stëmm vun engem Bierger aus dem Walbezierk Norden oder Osten,
- dëst eng Violatioun vun eiser Verfassung duerstellt, déi beseet, datt all Lëtzebuerger gläich ass virum Gesetz,

fuerdert d'Regierung op,

- op Basis vun deene rezentste statisteschen Erhiewungen der Chamber e Projet fir eng Ännerung vum Walgesetz virzeleeën, fir d'Zuel vun den Deputéierten an deene véier Bezierker der Zuel vun de walberechtegte Bierger pro Bezierk unzepassen.